
MUSIKALESCHEN
Afterwork
Lëtzebuergesch Lidder
Eis Kultur, eist Liewen
Chansons luxembourgeoises
Notre culture, notre vie
Liddertexter
fir matzesangen
Paroles de chansons
pour chanter ensemble

Virwuert



Léif Biergerinnen, léif Bierger,

D'Lëtzebuerger Sprooch ass e wichtege Bestanddeel vun eiser Identitéit a gläichzäiteg eng Sprooch, déi eis am Alldag zesummebréngt. Den Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch ass eng flott Geleeënheet, eis Sprooch ze feieren an hir Villfalt ze erliewen.

Als Buergermeeschter vun der Gemeng Useldeng an als Responsabele vum Service Vivre Ensemble vum Syndicat Intercommunal „Kanton Réiden" freet et mech besonnesch, Iech op dëse musikaleschen Afterwork de 24. September vu 17 bis 22 Auer am Haff vun der Useldenger Buerg invitéieren ze kënnen.

An enger Gesellschaft, an där Leit mat ënnerschiddlecher Hierkonft, Kulturen a Generatiounen zesummeliewen, ass et wichteg, Plazen ze schafen, wou mir eis begéinen, austauschen an zesummen eppes erliewen. Musek ass dobäi eng Sprooch, déi jidderee versteet.

A besonnesch d'Zesumme-Sangen huet d'Kraaft, Leit mateneen ze verbannen. Verschidden Interpreten huelen eis mat op eng klanglech Rees duerch d'Lëtzebuerger Musek, mat Lëtzebuerger Lidder fir all Alter.

Mat dobäi sinn d'Maison Relais Useldeng „Bei de Fliedermais“, d'Chorale Ste Cécile Useldeng, L'Accordéoniste, d'Harmonie Useldeng an "De schéine Poli an de Claus". Zesumme weisen si, wéi villsäiteg eis Sprooch an eis Musek sinn, an domat och e Stéck eis Kultur, eist Liewen.

Dës Broschür soll dobäi net nëmmen als Souvenir déngen:
Si enthält d'Texter vun de Lidder, fir datt jidderee kann astëmmen a matmaachen, wann e Loscht huet. Et brauch kee perfekten Toun a keng perfekt Aussprooch, just d'Freed, zesummen ze sangen.

Loosst eis also zesumme lauschteren, sangen, laachen a feieren a gemeinsam d'Lëtzebuerger Sprooch, eis Musek an eist Zesummeliewen erliewen.

Pollo Bodem

Buergermeeschter vun der Gemeng Useldeng
a Responsabele vum Service Vivre ensemble fir de Kanton Réiden

GEMENG
USELDENG

Préface



Chères citoyennes, chers citoyens,

La langue luxembourgeoise constitue un élément essentiel de notre identité. Elle est également une langue qui nous rassemble au quotidien. La Journée de la langue luxembourgeoise est une belle occasion de célébrer notre langue et d'en découvrir toute la richesse.

En tant que bourgmestre de la commune d'Useldange et responsable du Service Vivre Ensemble du Syndicat intercommunal « Kanton Réiden », j'ai le grand plaisir de vous inviter à cet afterwork musical, qui aura lieu le 24 septembre, de 17 h à 22 h, dans la cour du château d'Useldange.

Dans une société où cohabitent des personnes d'origines, de cultures et de générations différentes, il est important de créer des lieux où nous pouvons nous rencontrer, échanger et partager des expériences. La musique est un langage que tout le monde comprend.

Chanter ensemble, en particulier, a le pouvoir de créer des liens. Différents artistes nous emmèneront dans un voyage musical à travers la musique luxembourgeoise, avec des chansons en luxembourgeois pour tous les âges.

Seront présents la Chorale Sainte-Cécile d'Useldange, la Maison Relais d'Useldange « Bei de Fliedermais », L'Accordéoniste, l'Harmonie d'Useldange ainsi que « De schéine Poli an de Claus ». Ensemble, ils montreront toute la diversité de notre langue et de notre musique, qui font partie intégrante de notre culture et de notre quotidien.

Cette brochure ne se veut pas uniquement un souvenir : elle contient également les paroles des chansons afin que chacun puisse se joindre aux artistes et chanter s'il en a envie. Nul besoin de chanter ou de prononcer parfaitement : seul compte le plaisir de chanter ensemble.

Écoutons, chantons, rions et célébrons ensemble la langue luxembourgeoise, notre musique et notre vivre-ensemble.

Pollo Bodem

Bourgmestre de la commune d'Useldange
Responsable politique du Service Vivre Ensemble du « Kanton Réiden »

GEMENG
USELDENG

Lidderverzeechnis

Maison Relais Useldeng “Bei de Fliedermais”

1. Hey Pippi Langstrumpf 1
2. Wanns du frou bass an du weess et klapp an d’Hänn 4

Chorale Ste Cécile Useldeng

3. Londonderry Air 5
4. Eist Duerf kleng awer reng 6
5. Mäi Pays d’Amour! – De Pafendaller Lift! 7
6. De Muselwäin 9
7. ’T si vill schéi Rousen an der Stad 11
8. An Amerika 13
9. An engem klengen Dueref 15
10. Rouse vu Lëtzebuerg 17
11. Am klenge Bistro 19
12. Un der Atert 21

L’Accordéoniste

13. Cha Cha Cha am Pyjama 25
14. Drénk ee Patt op mech 27
15. De Charel 29
16. De Jangli 31

17. Déi kleng Chamber 33
18. Den Hexemeeschter 35
19. Ech drénke gär mäi Pättchen 37
20. Fei Leit ginn zu Fouss 39
21. D'Lidd vum Théiwesbuer 41
22. Zwou Bulle Mokka 43

Harmonie Useldeng

E faarwegen instrumentale Mix, dee fir déi richteg Stëmmung suergt.

Un mélange instrumental haut en couleur, pour une ambiance garantie.

De schéine Poli an de Claus

23. Bei ons am Dierfchen 45
24. De Kueb an de Fuuss 47
25. Déck Dännen 49
26. Drénkt Miseler Wéngchen 51
27. Ech sinn de schéine Poli 53
28. Fussballlidd 55
29. Gekachte Kéis 57
30. Hechtercher aus der Stad 59
31. Hei kann ech nët bleiwen 61

32. Héich de Bockel voll Gepäck 63
33. Hutschel mat der Butschel 65
34. Kättche Kättche 67
35. Kiermes am Duerf 69
36. Klappen un der Bistrosdir 70
37. Klengen Himpchen 71
38. Lëtzebuerger Spezialitéiten 73
39. Muselliddchen 75
40. Nationalmarsch 77

Mir wënschen Iech vill Spaass beim Matsangen an ee schéinen Afterwork!

Nous vous souhaitons beaucoup de plaisir en chantant ensemble et un excellent afterwork!

All d'Texter sinn esou iwwerholl ginn, wéi se zougedroe goufen.
De Copyright steet bei de Lidder, wéi se matgedeelt goufen a goufe beschtméiglechst ergänzt.
D'Biller zu de Liddertexter sinn erstallt mat kënschtlecher Intelligenz.

USELDENGER BUERG

Fir de musikaleschen Afterwork befannt Dir Iech op der Useldenger Buerg, der perfekter Kuliss fir dësen Owend. Entdeckt déi impressionant Buergruin mat hiren zwee Tierm an dem didaktesche Kulturwee, deen ënnert dem Patronage vun der UNESCO speziell fir Mënsche mat enger visueller Beanträchtegung entstanen ass. Reegelméisseg fannen hei Concerten, Visitt Guidéeën an aner Evenementer statt.

CHÂTEAU D'USELDANGE

Pour cet afterwork musical, vous vous trouvez au château d'Useldange, le cadre idéal pour cette soirée. Découvrez les impressionnants vestiges du château avec ses deux tours ainsi que son parcours culturel didactique, créé sous le patronage de l'UNESCO et spécialement adapté aux personnes malvoyantes. Des concerts, visites guidées et autres événements y sont régulièrement organisés.

1

Hey Pippi Langstrumpf

Maison Relais "Bei de Fliedermais"

2x3 gëtt 8
Widewiddewitt an 3 gëtt 5
Ech maan, mir meng Welt
Widewidde wéi se mier gefällt.

Refrain:
Hey Pippi Langstrumpf, trallari trallarey,
trella hoppsasa
Hey Pippi Langstrumpf ech maan, wat mier gefällt.
Hey Pippi Langstrumpf, trallari trallarey,
trella hoppsasa
Hey Pippi Langstrumpf, trallari trallarey,
trella hoppsasa
Hey Pippi Langstrumpf
Ech maan, wat mier gefällt.

Ech hunn een Haus
Ee reeboufaarwegt Haus
Een Äffchen an e Päerd
Däi luusen hei zur Fënster raus.
Ech hunn een Haus.
Een Äffchen an e Päerd
A jidderen deen et wëll, kritt och eist 1x1 geléiert.

© Originaltext: Astrid Lindgren
Musek: Jan Johansson

2x3 gëtt 8
Widewiddewitt an 3 gëtt 5
Ech maan, mir meng Welt
Widewidde wéi se mier gefällt.

Refrain:
Hey Pippi Langstrumpf, trallari trallarey,
trella hoppsasa
Hey Pippi Langstrumpf ech maan, wat mier gefällt.
Hey Pippi Langstrumpf, trallari trallarey,
trella hoppsasa
Hey Pippi Langstrumpf, trallari trallarey,
trella hoppsasa
Hey Pippi Langstrumpf
Ech maan, wat mier gefällt.

Ech hunn een Haus
Ee reeboufaarwegt Haus
Een Äffchen an e Päerd
Däi luusen hei zur Fënster raus.
Ech hunn een Haus.
Een Äffchen an e Päerd
A jidderen deen et wëll, kritt och eist 1x1 geléiert.



Refrain:
3x3 gëtt 6
Widewidde, wie wëll vu mier léieren?
Grouss, a kleng erbäi
An da bréngen ech iech alles bäi.
Ech hunn een Haus
Ee reeboufaarwegt Haus
Een Äffchen an e Päerd
Däi luusen hei zur Fënster raus
Ech hunn een Haus.
Een Äffchen an e Päerd
A jidderen deen et wëll,
kritt och eist 1x1
geléiert.

Refrain:
2x3 gëtt 8
Widewiddewitt an 3 gëtt 5
Ech maan, mir meng Welt
Widewidde, wéi se mier gefällt
Hey Pippi Langstrumpf, trallari trallarey, trella hoppsasa
Hey Pippi Langstrumpf
Ech maan, wat mier gefällt
3x3 gëtt 6
Widewidde, wie wëll vu mir léieren?
Grouss an kleng erbäi
An da bréngen ech iech alles bäi.

2

Wanns du frou bass an du weess et klapp an d'Hänn

Maison Relais "Bei de Fliedermais"

Wanns du frou bas an du weess et klapp an d'Hänn. (2X)

Wanns du frou bas an du wees et,
an du wëlls et gären weisen,
Wanns du frou bas an du wees et klapp an d'Hänn

Wanns du frou bas an du weess et klapp op d'Been. (2X)

Wanns du frou bas an du wees et,
an du wëlls et gären weisen,
Wanns du frou bas an du wess et klapp op d'Been.

Wanns du frou bas an du weess et tupp deng **Féiss. (2X)**

Wanns du frou bas an du wees et,
an du wëlls et gären weisen,
Wanns du frou bas an du wess et tupp deng Féiss.

Wanns du frou bas an du weess et ruff Yuppi (2X)
Wanns du frou bas an du wees et,
an du wëlls et gären weisen,
Wanns du frou bas an du wess et ruff Yuppi.

Singing hey, hey, youpi, youpi, hey! (2X)
Singing hey, hey, youpi,
Hey, hey, youpi
Hey, hey, youpi, youpi, hey!

© Traditionellt Kannerlidd

3

Londonderry Air

Chorale Ste Cécile Useldeng

Vu wäit hier kënnt eng Weis aus ménger Kannerzäit,
si bréngt d'Erënnerung u vergaangent Gléck,

e Lidd aus Kannerjoren, dat mir vill bedeit,
bréngt mir mat sénger Weis méng Kannerdreem zeréck.

Wéi schued, dass déi schéi Jore schon eriwwer sinn,
nach eemol Kand sinn, ech géif eppes drëm,

vu wäit hier kënnt eng Weis, well ech de Sënn verstinn,
ass si en Trouscht, well d'Kannerzäit kënnt net erëm.



© Traditionell iresch Melodie

4

Eist Duerf kleng awer reng

Chorale Ste Cécile Useldeng

Wou d'Atert dauscht am Dall sou heemlech a mol kéng.
Wou hannert schéinen Haiser d'Schweebech fléisst.
Wou vun do uewen op der Buerg een Tuerm gréisst
Grouss a Kleng,
am Millenhaff e Bur seng Blumme géisst.

Refrain:
Dat ass een Duerf, wou et sech nach gutt liewe léisst.
Wou d'Leit zefridde sinn a gudder Déng.
Hei gëtt all neien Dag vu ganzem Häerz begréisst.
Eist Duerf ass kleng, mee awer reng,
d'heescht Useldeng.

Wou op der „Hoh" ee wäisse Vugel Kreeser dréint.
Wou fréi an „Hiesel" d'Jeeër laure ginn.
Wou aus dem „Trëmel" Musik a Gesang dir kléngt
entgéint,
am „Reendel" d'Fëscher ongedëlleg sinn.

Refrain:
Dat ass een Duerf, wou et sech nach gutt liewe léisst.
Wou d'Leit zefridde sinn a gudder Déng.
Hei gëtt all neien Dag vu ganzem Häerz begréisst.
Eist Duerf ass kleng, mee awer reng,
d'heescht Useldeng.

© Text: Roger Meis

5

Mäi Pays d'Amour! – De Pafendaller Lift!

Chorale Ste Cécile Useldeng

Kuckt iech mol ëm am Pafendall,
kee schéin'ren Dall ët gëtt!

Historesch Bauten, eng rout Bréck,
an d'Uelzecht leeft duerch d'Mëtt!

Uewen de Fort, d'Dräi Eechelen
an och nach d'Spuenesch Tierm!
D'Vaubanspuerten, Wäschbuer, Théiwesbuer,
an dann ons schéin al Kierch!

Kanner, o Kanner, o quel Bonheur,
si ass rëm schéin, ons rue des fleurs!

En ass ganz nei, onse Wäschbuer,
Dir kënnt dra maachen eng Kneipkur!

Och onse Béinchen an d'Muebelsstrooss
hunn näischt vun hirem Charme gelooss!

Mir hunn och eng nei Spillschoul kritt,
elo feelt ons nëmmen nach ee Lift!

© Text: Maria Reuter
Musek: Fr. Binsfeld

Ons Häre aus dem Pafendall,
déi stongen op der Bréck!

A poteren vun deem hei, deem do:
Wat feelt ons nach zum Gléck?

Si kucken ronderëm op d'Héicht,
dorop de Jender seet:

„Ech weess, wat ons hei nidde feelt:
Dat ass een neie Lift!"

Kanner, o Kanner, o quel bonheur,
mir hunn elo een Ascenseur!

Wéi ass dat mënscheméiglech blous?
Mir ginn net méi an d'Stad zu Fouss!

Kanner, o Kanner, o wat eng Freed!
Wéi dat elo sou schëtzeg geet!

Kee Bierg méi gon, mam Lift erop!
An engem Zock bass d'op der Kopp!

6

De Muselwäin

Chorale Ste Cécile Useldeng

Net grouss ass d'Lidd vum Muselwäin,
et léiert sech geschwënn.
Keen anert kléngt sou hell, sou fein
bei Becherklank a Frënn.

Refrain:
Mir sëtze lëschteg hei am Krees
a sange frou eist Lidd.
A wien dat Lidd vum Wäin net weess,
dee komm a bromm alt mat!

Wat d'Heemechtsierd an d'Drauf gedou
an hire Sonneschäin,
dat drénke mir sou stolz a frou
hei an dem Muselwäin.

Refrain

Wéi schmaacht dee Muselwäin dem Mond!
Hien zillt ons Kraaft a Blutt.
Hie mécht ons lëschteg, hällt gesond,
schaaft froue Sënn a Mutt!

Refrain

© Text: Nic Warker

A wou ee midd de Kapp sech mécht
vun Aarbecht, Suerg a Leed,
do ass de Muselwäin dee brécht
all Suerg a Middegkeet.

Refrain

A säi Genoss weckt d'Lidderloscht
an d'Léift fir all schéint Kand.
Wéi schaalt duerch hien aus onser Broscht
onst „Héich fir d'Heemechtsland!"

Refrain

Scho munchereen ass ëmgesonk
mat engelbraver Minn.
Well hien, o séisse Gotterdronk,
duerch dech war séileg ginn!

Mir sëtze lëschteg hei am Krees
a sangen frou eist Lidd.
A wien dat Lidd vum Wäin elo weess,
séngt d'aner Kéier mat!

7

’T si vill schéi Rousen an der Stad

Chorale Ste Cécile Useldeng

’T si vill schéi Rousen an der Stad,
’t ass keng, déi méngem Iddi geet.
Mä hei bei deem verloossne Pad,
do ass et, wou méng Blimmche steet.

An dat bass du, méng häerzeg Séilchen,
an dat bass du, du mäi Kapriss.
An dat bass du, méng Bëschviéilchen,
an dat bass du, mäin äertlecht Liss.

’T si vill schéi Kanner an der Welt,
si sinn all wäert, geléift ze ginn.
’T ass nëmmen eent, wat mir gefällt,
en eenzegt, wat ech gär gesinn.

An dat bass du, méng häerzeg Séilchen,
an dat bass du, du mäi Kapriss.
An dat bass du, méng Bëschviéilchen,
an dat bass du, mäin äertlecht Liss.

© Text a Musek: Edmond de la Fontaine



8

An Amerika

Chorale Ste Cécile Useldeng

Vu mengem Dueref goung ech hier,
dat frësch am Grénge leit,
dohannen iw'rem grousse Mier,
sou weit, vu mir sou weit.

Do steet en aaremt klinzécht Haus,
eng Bank virun der Dir.
Do breet eng Lann hir Blieder aus,
mécht kille Schiet derfir.

Refrain: (2x)
Wéi hun ech d'Häerz sou wéi,
gëtt mir mein Dach vu Stréi
a méngem Duerf erem,
ech ginn iech alles drëm.

Vu menger Mamm fort goung ech hier,
deem gudden Engel do.
Mat hierem Hierz geet iwwer d'Mier
se iwwerall mir no.

Op eiser Bank virun der Dir
hu mir sou oft gesiess.
A koum eis d'Liewen deischter vir,
mir hunn et net vergiess.

Text: Michel Lentz
© Musek: Edmond Lentz

Refrain (2x)

Vu mengem Meedche goung ech hier,
wat soll d'léift Kand wuel maan?
't fléit e Gedanken iwwer d'Mier
a kuckt an d'Welt eran.

Op dëser Bank virun der Dir
gouf d'Zeit eis kee Mol laang.
D'Lann ganz eleng, déi weess woufir
mir duer sin dreeme gang.

Refrain (2x)

Vun hinnen zwee fort goung ech hier,
hun néierjes keng Rou.
An zenter zweschen ons dat Mier,
gin ech och net méi frou.

Kënnt op der Bank virun der Dir
ech sëtzen eng Minutt
bei hinnen zwee, da wär et mir
op deser Welt 'rëm gudd.

Refrain (2x)

9

An engem klengen Dueref

Chorale Ste Cécile Useldeng

An engem klengen Dueref,
t'gouf Butschebuerg genannt,
do hate mir kee Lueref,
d'Leit hun éis all vernannt.

Mat Knëpplen a matt Benglen
hu si eis do erwëscht,
mir si feflunn wéi Englen
mam Instrument op d'Mëscht.

Refrain:
Hei t'ass eng Freed,
ewéi dat geet,
mir halen o pder Gaass,
mir maan de Leit vill Spaass,
d'Klarinett ass ëmmer prett,
t'laacht alles sech eng Boss,
mee t'ass jo net ëmsoss!

Ass Kiirmes mol dorëmmer,
da si mir fein eraus,
mir maan et wéi déi Wëlzer,
a gi vun Haus zu Haus.

Mir sangen a mir päifen
a fänke kräfteg un,
da kommen aus all Fënstren
d'Kachdëppen nogeflunn

Refrain

© Text: Pierli Housse
Traditionell Melodie

Mir hate mol am Liewen,
scho munech schwiereg Fäll,
a sollte mir mol stiewen,
da komme mir jupps an d'Hell.

Mir fänken un ze blosen,
dat hällt keen Däiwel aus,
mir blose wéi klorrosen,
bis datt s'éis loossen 'raus.

Refrain

Da komme mir an den Himmel,
wou d'Engelcher jo sin,
mir zéien un der Bimmel
a maan eng gleecklech Minn.

Wa mir e Liddche sangen,
daat d'Mauren ziddren deet,
dann d'Engelcher déi sprangen,
vu lauter Gleeck a Freed.

Refrain

Da kënnt den hellge Péitrus:
"Ech mengt wann dir iech dreeckt!
Dir mat mir jo méng Englen,
méng Engle ganz verreckt."

Do si mir rëm ofgaangen,
do si mir ofgefall,
an ouni Zeeck a Baangen
no Diddléng an den Dall.

Refrain

10

Rouse vu Lëtzebuerg

Chorale Ste Cécile Useldeng

Rouse vu Lëtzebuerg,
gréissen Déch vu mir.

Rouse vu Lëtzebuerg,
jo, déi soen Dir:

Soen Dank fir all dës Stonnen,
déi sou schéin, sou glécklech Stonnen,
all déi Rousen,
Rouse vu Lëtzebuerg.

Alles dat, wat ech fir Déch empfannen, empfannen,
soen ech mat roude Rousen Dir, mat roude Rousen Dir.

Alles, wat méch soll mat Dir verbannen, verbannen,
soen d'Rousen Dir: Ech hunn Déch gier!

Dreem, déi mir ganz heemlech bei ons droen, ons droen,
sollen eemol fir ons wouer ginn, 'mol fir ons wouer ginn.

All déi Rouse sollen Dir ët soen, ët soen,
dass mir ons geschwënn erëm gesinn!

© Text: H. Wolf
Musek: René Schmit



11

Am klenge Bistro

Chorale Ste Cécile Useldeng

Den Owend senkt sech iwwer d'Gasse vum Faubourg
an d'Kanner, déi mussen eran.
Virum klenge Buttek botzt d'Fra hiren Trottoire,
de Mann, dee schleeft d'Uebstkëschten 'ran.

Den Dag ass eriwwer, all Mënsch ass doutmidd,
ower meeschtens gi si net gläich heem.
Well hannen um Eck vun der Gaass an dem Café,
do huele si ëmmer nach een.

Refrain:
Am klenge Bistro bei ons an der Gässel,
wou fir ons d'Liewen nach liewenswäert ass.
Am klenge Bistro bei ons an der Gässel,
do freet dech keen, wat's de hues oder bass!

Beim Comptoir hänkt d'Mauer voll Kaarte vu Frënn,
mat Bonjouren a Vakanzen-Dreem.
Gespréich duercheraner, eng Stëmm aus der Jukebox,
all dat ass e Stéck vun doheem.

Du wäerfs fënnef Frang an de Spillautomat
a kucks awer beim Kaartespill zou.
Du stees da beim Comptoir mam Patt an der Hand
an du bass dobäi glécklech a frou.

© Text: Kira
Musek: Desorbay & Kleren

Refrain:
Am klenge Bistro bei ons an der Gässel,
wou fir ons d'Liewen nach liewenswäert ass.
Am klenge Bistro bei ons an der Gässel,
do freet dech keen, wat's de hues oder bass!

Et gëtt diskutéiert vum Sport, vun der Aarbecht,
vum Fridden, vum Krich a vum Geld.
Beim Schnaps a beim Béier fënnt jiddfereen d'Léisung
fir d'Problemer all vun der Welt.

Eng Zoossisseschmier gëtt et och hei beim Wiert,
all dat Schwätze mécht hongereg a midd.
Deng Rechnung, déi steet op dem Béierdeckel drop,
ower hei huet dach all Mënsch Kredit.

Refrain:
Am klenge Bistro bei ons an der Gässel,
wou fir ons d'Liewen nach liewenswäert ass.
Am klenge Bistro bei ons an der Gässel,
do freet dech keen, wat's de hues oder bass!

12

Un der Atert

Chorale Ste Cécile Useldeng

Un der Atert, no beim Waasser,
wou déi grouss Pëppele stinn,
wunnt de Bauer Péitche Lauer
a säi Meedchen Josefinn.

Refrain:
O meng Modi, wat e Stodi,
voller Zodi, Josefinn.
Ech gesinn dech nach e wéineg,
an da ginn ech, Josefinn.

Hie war ëmpeg, hatt war dëmpeg,
sou eng Nuddeldampmaschinn.
Hien hat néng a sengen Hännschen,
duerfir zéng hat d'Josefinn.

Refrain

Jidder Muerjen Kéi a Geessen
dreift bei d'Baach mat frouer Minn.
An all Joer, sou ëm d'Fouer,
geet an d'Waasser d'Josefinn.

Refrain

© Text: Jean-Pierre Welter & Fabrice May
Musek: Amerikanescht Volleksliddd

An ët wäscht sech, duerfir hëlt ët
Palmolive mat Lanoline.
An da blénkt ët, an ët sténkt net
wéi virdrun, eist Josefinn.

Refrain

Eemol gong ët, eemol stong ët
bei der Baach, eist Josefinn.
An du rëtscht ët, an du glëtscht ët,
flupps an d'Waasser d'Josefinn.

Refrain

'T huet gesuddelt, 't huet gespruddelt
an der Baach, eist Josefinn.
Wëll ech awer d'Waasser scheien,
looss'n ech leien d'Josefinn.

Refrain

Op dem Kierfecht bei der Atert
wuessen Tulpen a Jasmin,
Rousen och an aner Blummen,
gutt gemëscht duerch d'Josefinn.

Refrain

Ech vermëssen! Ech vermëssen!
Ech vermëssen d'Josefinn.
Dofir këssen ech seng Sëschter
a verquëssen d'Josefinn.

Refrain

An de Bauer Péitche Lauer
weess vu Leed nët méi wouhin.
Dofir kräischt ën, dofir säift ën,
bis ën ass beim Josefinn.

Refrain

Loosst iech soën, all dir Jongen:
Hutt dir och e Josefinn,
musst dir léiere kënstlech Otmung,
dat kann d'Rettung fir hatt sinn!

Refrain



13

Cha Cha Cha am Pyjama

L'Accordéoniste

Ech soot zum Lilly, So Lilly
Du bass sou hot wéi Pilli Pilli
Du bass di beschten Dänzerin.

Du bass 'sou knackeg 'sou zackeg
sou onwaarscheinlech lackeleg
Ech danze fir däi Fan ze ginn.

Du soot mäi Lilly: “Daat ass fun Dir ganz léif
Mé pass op, op meger décker Zéif
hun ech e Kréienaa”
Hua! - Cha Cha Cha

Refrain:
Mir danzen Cha Cha Cha am Pyjama
E klengen Cha Cha Cha, mam Kréienaa
Mir jhicke Kaviar am Pyjama
an daat ass wonnerbar.

Ech soot zum Lilly, So Lilly
Waat wibbelt do ennert dengem Gilet
dat ass sou mockleg ronn a schéin.

Daat ass sou mujeleg, sou kujeleg
fantastesch oh sou knujeleg
sou Saache fann'n ech wonnerschéin.

© Fausti

Du soot mäi Lilly: “Déi sin zwar zockerséiß
Mé bleif ewech soss get daat heite béis
an da get et eng flatsch op d'Aa.
Hua! - Cha Cha Cha

Refrain:
Mir danzen Cha Cha Cha am Pyjama
E klengen Cha Cha Cha, mam Kréienaa
Mir jhicke Kaviar am Pyjama
an daat ass wonnerbar.

Ech soot zum Lilly, So Lilly
Ech keddlen Déch gär gilly gilly
Du wärs gesinn daat dér der gudd.

Spierst De wéi daat wibbelt an zibbelt
ewéi däi Body kribbelt,
lo kacht der gläich Däi fairecht Blutt

Du soot mäi Lilly: “Des Nuecht di dauert laang
well mir zwé mir bleiwen un der Staang
an daat ass wonnerbar.”
Ooaaach! - Cha Cha Cha

Refrain:
Mir danzen Cha Cha Cha am Pyjama
E klengen Cha Cha Cha, mam Kréienaa
Mir jhicke Kaviar am Pyjama
an daat ass wonnerbar.

14

Drénk ee Patt op mech

L'Accordéoniste

Lo wéini gouf mer d'Zäit sou laang
an ech si gläich an de Bistro gaang (lalalalala)

de Wiert deen huet dunn d'Glieser gespullt
an d Wiertsfra huet an der Kees gewullt (lalalalalala)

Zéng Mann, di souzen dohannen am Eck
et wor dee Furri, ech maache kee Geck (lalalalalalala)

Komm sëtz dech hei bei eis un den Dësch
sief kee Fräsch a sief kee Fësch
ech so'n: hey hey, drénkt all e Patt op mech

Refrain: (2x)
Drénkt e Patt, drénkt e Patt, drénkt e Patt op mech!
Drénkt alleguer e Patt op mech!
Hey hey, drénkt all e Patt op mech!

Mir hunn du mat der Kaart gespillt
fir ze kucken wien déi Tournee bezillt (lalalalalala)

Du beemol sot ech: ech sin esou midd
a meng Zong déi huet den Dadder kritt
hey hey, drénkt all e Patt op mech

© Cool Feet

Refrain: (2x)
Drénkt e Patt, drénkt e Patt, drénkt e Patt op mech!
Drénkt alleguer e Patt op mech!
Hey hey, drénkt all e Patt op mech!

Do sot mäi Frënd: bleiw nach eng Grëtz
an drénk mol aus a maach keng Bëtz (lalalalalala)

Hien zitt dee Groen aus der Täsch
drénks de aus dem Glas oder aus der Fläsch?
Ech so'n: hey hey, drénkt all e Patt op mech!

Refrain: (2x)
Drénkt e Patt, drénkt e Patt, drénkt e Patt op mech!
Drénkt alleguer e Patt op mech!
Hey hey, drénkt all e Patt op mech!

15
De Charel
L'Accordéoniste

Ech koum op d'Welt zu véier Méint,
meng Mamm war net doheem,
mäi Papp war voll an huet getéint,
wat maache mir mat deem.

Mä ech sot gläich: sief net besuergt,
fir mech gëtt scho gesuergt.
Deen hei dee kennt op d'Eisebunn.
Charel, Charel, jäizt du mäi Papp, wat geet dech un,
Charel do bleif mer dervun.

Refrain:
Charel, Charel donk uecht wat's de méchs
Well du schaffs jo net gär
Charel, Charel op der Bunn gëss du sécher keen Här.

Mäi Papp hat Recht, well spéiderhin,
du wor mer d'Saach scho leed.
Well op der Bunn konnt ech gesinn,
dat do keen méisseg geet.

Do heescht et ëmmer hopp hopp hopp,
mam Teimer an der Schepp.
An hun ech eppes an der Rei.
Charel, Charel, jäizt dann de Meeschter, heielei,
Charel maach mir nach dat hei.

© Fritz Weimerskirch

Refrain:
Charel, Charel donk uecht wat's de méchs
Well du schaffs jo net gär
Charel, Charel op der Bunn gëss du sécher keen Här.

Ech wollt scho menger Wee nees go'n,
mä d'Fra wollt dat net hunn.
Hir wor et an de Kapp geschlo'n,
Si hält op d'Eisebunn.
Déi sécher Plaz, dee schéine Loun,
Herno déi flott Pensioun.
Eng Uniform nach uewendrop.
Charel, Charel jäizt si, schlo dir dat aus der Kapp,
Charel du bleif's mer drop.

Refrain:

Charel, Charel donk uecht wat's de méchs
Well du schaffs jo sou gär
Charel, Charel op der Bunn gëss du villäicht nach een Här.

16

De Jangli

L'Accordéoniste

De Jangli fiert den Houwald erop,
Oh wier e gutt do uewen op der Hesperkopp,
D'Maschinn wackelt iwwer d'Schinnen dohin,
Vun lauter Damp kënnt dir net méi ganz vill gesinn,

Ah...Ah

De Scheierbierg erof, do geet et méi schnell,
Do héiert een d'Gebimmels nëmmen vun der Schell,
Zu Réimech op der Gare hält en en Ableck,
Da gëtt en ëmgedréint a flott geet et nees zréck,

Hei kënnt hien, Hei kënnt hien, Hei kënnt hien,

Uh Uh. Piep Piep
Uh Uh.

Säi Frënd de Charly ass e Geck,
E fiert duerch d'Avenue erof bis op d'nei Bréck,
Laanscht d'Charly's Gare an den Rollengergronn,
Dofir brauch hien ongeféier annerhallef Stonn,

Ah...Ah

© Fernand Wark & Jeff Bësch

Zu Iechternach do kënnt hien un,
D'Sprangprëssessioun déi wor emol een Mount virdrun,
Mä d'Voyageuren déi sinn apaart,
Da gëtt eben op déi vum nächste Joer gewaart
Hei kënnt hien, Hei kënnt hien, Hei kënnt hien,

Uh Uh. Piep Piep
Uh Uh.
Ah...Ah

Dofir halen mir op d'Eisebunn,
Wouhin dir och wëllt fueren, dir kommt ëmmer un,
Och mat Verspéidung mä d'ass egal,
Duercherneen gerëselt ower dir kritt d'Féiss net kal.
Duercherneen gerëselt ower dir kritt d'Féiss net kal.
Duercherneen gerëselt ower dir kritt d'Féiss net kal.



17

Déi kleng Chamber

L'Accordéoniste

Eis Chamber gläicht bal engem groussen Theater,
wou dacks een den anere vernennt.
Deen een hält eng Ried an den anere liest Zeitung,
en drëtten, dee sëtzt do a pennt.

Et gëtt vill geschnësst an et gëtt vill gebraddelt,
herno gëtt dat alles gedréckt,
a sechs Méint méi spéit kréie mir dëse Kabes
Nach gratis an d'Héiser geschéckt.

Refrain:
Am klenge Bistro riichtiwwer vum Palais,
do sëtze si dann herno beieneen,
Am klenge Bistro riichtiwwer vum Palais,
do hat scho munch Deputéiert eng am Been.

An all eis Parteien, déi sinn hei vertrueden,
de Bistro, deen ass strubbelvoll.
Hu si sech virdrun och noch giedlech zerstridden,
lo gëtt een zesumme geholl.

Ob roud oder schwaarz, ob giel of orange,
,t ass keen dee sech dorunner stéisst
An hei ginn och dacks no dem zwieleften Humpen
Politesch Problemer geléist.

© Serge Tonnar & Legotripp

Refrain:
Am klenge Bistro riichtiwwer vum Palais,
do sëtze si dann herno beieneen,
Am klenge Bistro riichtiwwer vum Palais,
do hat scho munch Deputéiert eng am Been.

Speziell no de Walen, wann d'Vollek gestëmmt huet,
da gëtt et hei ganz interessant
Wie mécht lo d'Regierung, wie geet matenaner
A wie gëtt lo Meeschter am Land?

Et gëtt kontaktéiert, et gëtt debattéiert,
et ass schon eng ganz kriddlech Saach
Mee sidd mer esécher, scho munnech Regierung,
déi gouf hei beim Comptoir gemaach.

Refrain:
Am klenge Bistro riichtiwwer vum Palais,
do sëtze si dann herno beieneen,
Am klenge Bistro riichtiwwer vum Palais,
do hat scho munch Deputéiert eng am Been.

Dee klenge Bistro riichtiwwer vum Palais,
dat ass den Nuebel vun eisem ganze Land
Dee klenge Bistro riichtiwwer vum Palais,
déi kleng Chamber, sou gëtt hien och meeschtens genannt.

18

Den Hexemeeschter

L'Accordéoniste

Ech sinn de groussen Hexemeeschter,
A wann ech Hokes Pokes soon,
Sinn all Gespenster wéi all Geeschter,
Mir ënnerdon, mir ënnerdon!

Kënnt eppes an de Stall geschlach,
A muerges sinn all d'Kéi gestrach,
Hält sech anzwousch en Trauliicht op,
Sinn d'Wiichtelcher an enger Kichen,
A setzen d'Kréibänk nuets op d'Kopp.

Da kommen d'Leit mech sichen
Da kommen d'Leit mech sichen
A kuck elei, kuck elei, kuck elei,
Deen an'ren Dag, deen an'ren Dag,
ass Alles an der Rei.

Ech sinn de groussen Hexemeeschter,
A wann ech Hokes Pokes soon,
Sinn all Gespenster wéi all Geeschter,
Mir ënnerdon, mir ënnerdon!

© Edmond de la Fontaine

Ass do an deem verwonsch'ne Schlass,
Am Liichteschäin der Däiwel lass,
Wéisst gär en Ehemann Bescheed,
Op d'Fra, wann s'op dem Biesem reiden,
No Kopelescht mat danze geet?

Wien hëlleft dann de Leiden?
Wien hëlleft dann de Leiden?
Mais, Hei elei (Hei elei), Kukk elei (Kukk elei)
Keen aneren, keen aneren
Keen aneren wéi deen hei!

Ech sinn de groussen Hexemeeschter,
A wann ech Hokes Pokes soon,
Sinn all Gespenster wéi all Geeschter,
Mir ënnerdon, mir ënnerdon!

19

Ech drénke gär mäi Pättchen

L'Accordéoniste

Scho virun dausend Joer, wor et bei ons ganz fein,
do hate mir, 't as kloer, schon Drauwen an de Wäin.
Och Branntewäin a Béier goufen am Ländche gebraut,
sou war bei ons et scho fréier, sou hale mir et nach haut.

Ech drenke gier mäi Pättchen, a mengem Stammlokal.
Doheem an och beim Kättchen, mir schmaacht en iwwerall.
Drenkt mat Genoss äert Glieschen,
a maacht iech näischt ze din
well onse Mislerwengchen as Hergotssmedezin,
well onse Mislerwengchen as Hergotssmedezin!

An hun ech eemol Suergen, doheem a mengem Stod,
beim Wirt sin ech gebuergen, do gin ech net gelot.
Dofir loosst iech et soen, geet eppes iech géint de Strech,
wann d'Surgen iech emol ploën, da maacht et grad wéi ech!

Ech drenke gier mäi Pättchen, a mengem Stammlokal.
Doheem an och beim Kättchen, mir schmaacht en iwwerall.
Drenkt mat Genoss äert Glieschen,
a maacht iech näischt ze din
well onse Mislerwengchen as Hergotssmedezin,
well onse Mislerwengchen as Hergotssmedezin!

© Fernand Wark & Greg Denis



20

Fei Leit ginn zu Fouss

L'Accordéoniste

Fei Leit ginn zu Fouss,
de Pak dee fiert mam Automobil
Wie keng Fotell huet,
dee sëtzt sech grad sou gär op d'Still.
Wie kee Piano huet
dee päift um Mondsteck mat Gefill,
jo dat kascht och net sou vill.

Glori, glori alleluja, glori, glori alleluja,
glori, glori alleluja, jo dat kascht och nët sou vill.

Schëtt de Kaffi duerch eng Strëmp,
mä huel nemmen ni eng frësch.
Lee deng Schmier op d'Bänk,
a stell deng Schong schéin op den Dësch.
Hues d'emol keen Esseg,
da schëtt Framboise op d'Zalot,
jo, sou huet den Chef gesot.

Glori, glori alleluja, glori, glori alleluja,
glori, glori alleluja, jo sou huet den Chef gesot.

© P. Faber

D'Lëtzebuerger Jongen hunn,
hir Schong gutt ageschmiert.
An all Plaz vum Zelt,
gëtt mat der Zännbiischt ausgekiert.
An dat bescht Geméis,
dat ass e Bifdeck vun zwee Pond,
jo, dat hält de Kapp gesund.

Glori, glori alleluja, glori, glori alleluja,
glori, glori alleluja, jo dat hält de Kapp gesund.



21

D'Lidd vum Théiwesbuer

L'Accordéoniste

D'Madamen aus der Sichegaass,
déi stounge v'run der Diir.
Haut gouf et eescht, verbäi de Spaas,
si rieden hin an hier.

D'Regierung hat een Här geschéckt,
ze kaafen Haus fir Haus.
An 't ass em wéi et schéngt gegléckt,
si mussen all eraus.

Kanner o Kanner o quel malheur,
mir mussen aus der Rue des fleurs.
Wéi ass dat mënscheméiglech nur,
mir musse fort vum Théiwesbuer.
Kanner o Kanner o quel malheur,
mir mussen aus der Rue des fleurs.
Wéi ass dat mënscheméiglech nur,
mir musse fort vum Théiwesbuer.

D'Gréit jäizt: Mir hale nët méi stall,
mat Dreë geet et duer!
Weisst deen sech nach am Pafendall,
da flitt en an de Buer.
Ah non! Sot d'Siss, mir plënneren,
an d'Lougaass trotz dem Knascht.
Sollt do en Hond eis hënneren, hu mir och gudde Kascht.

© Text: Fritz Weimerskirch

Mä d'Stole Broscht seet: Hieft Verstand,
mir street kee Sand an d'Aan.
Och d'Lougaass hällt net lang méi stand,
wësst dir da wat mir man.
Op d'Käerche baue mir een Dag,
eng Roulotte huet säi Charme.
Déi setze mir ee schéinen Dag,
flang mëtten op d'Plëssdarm.

Kanner o Kanner o quel malheur,
mir mussen aus der Rue des fleurs.
Wéi ass dat mënscheméiglech nur,
mir musse fort vum Théiwesbuer.
Kanner o Kanner o quel malheur,
mir mussen aus der Rue des fleurs.
Wéi ass dat mënscheméiglech nur,
mir musse fort vum Théiwesbuer.

22

Zwou Bulle Mokka

L'Accordéoniste

Dag fir Dag déi selwecht Leier,
Keen Drëtt méi a kee Feier.
Rond'rëm alles fad a blatzeg.

Fille mech heiheem sou latzeg.

Eemol d'Joer hunn ech näischt léiwer,
wéi 'sou een Tropeféiwer.
A fir mäin Häerz da klappen ze dongen,
zéien ech mir d'Sonn mol op d'Longen?

Wat ass d'Liewen dach 'sou séiss!

<u>Refrain:</u>
Zwou Bulle Mokka,
zwou 'sou séiss 'wéi Zocka,
zwou Bulle Mokka,
do fäls de bal vum Hocka,
zwou Bulle Mokka,
zwou Bulle ma' mech frouuuuu,
well et sinn der zwou esou!

D'Nuechte gliddeg waarm 'wéi Lava.
Eemerweis Piña Colada,
Rumba, Bolero a Mambo.

© Fausti

An 'lo stinn ech stramm do,
well nuets hunn ech näischt léiwer,
wéi 'sou en Tropeféiwer.
A wann ech mäi Bols da fillen,
brauch ech eppes fir ze killen.
Si ass grouss meng feireg Glous.

Refrain::
Zwou Bulle Mokka,
zwou 'sou séiss 'wéi Zocka,
zwou Bulle Mokka,
do fäls de bal vum Hocka,
zwou Bulle Mokka,
zwou Bulle ma' mech frouuuuu,
well et sinn der zwou esou!

Well no deem zéngten Tequila,
fillen ech mech ewéi ee Gorilla.
Deen Tropesaaft, dee gëtt mer Kraaft.

Refrain:
Zwou Bulle Mokka,
zwou 'sou séiss 'wéi Zocka,
zwou Bulle Mokka,
do fäls de bal vum Hocka,
zwou Bulle Mokka,
zwou Bulle ma' mech frouuuuu,
well et sinn der zwou esou!

23

Bei ons am Dierfchen

De schéine Poli an de Claus

Wou bleift een no der Kierech stoen,
wou wëllen d'Männer an d'Wirtschaft goen?
Wou richt nach d'Loft sou gutt no Land,
wou huet een Häerz mat fill Verstand?
Wou trëfft een op der Keelebunn,
owes och de Paschtouer un?
Wou läscht de ganze Pompjeesveräin,
de Brand mat Béier, Schnaps a Wäin?

Refrain:
Laach, drénk, sang an huel dir fir d'Liewen Zäit
Laach, drénk, sang dat ass besser wéi all Sträit
A mir soen wa mir ausenaner ginn
Dass mir ons an onsem Duerf erëm gesinn .

Wou léist deen hei keen Humpe sto'n,
wou wëll de Poli eng hale go'n?
Wou bréngt nach d'Musek mat Geschéck,
di gutt al Zäit fir ons rëm zréck?
Wou rëschten d'Leit de ganze Sall,
wa Bauerenhochzäit gëtt gehal?
Wou treffen sech di jonk an al,
wie fréier op dem Kiermesbal?

Refrain:
Laach, drénk, sang an huel dir fir d'Liewen Zäit
Laach, drénk, sang dat ass besser wéi all Sträit
A mir soen wa mir ausenaner ginn
Dass mir ons an onsem Duerf erëm gesinn .

© Greg Denis & Mich Gros



24

De Kueb an de Fuuss

De schéine Poli an de Claus

Et wor eemol e Kueb, de souz zefridden a frou,
e Kéis a sengem Schniewel op engem Bam anzwou'
Du koum de Fuuss geschlach, geleet vun deem Geroch,
a ried de Kiebchen u mat dësem Schmeechlersproch.

„Bonjour Här Komper Kueb, ma sot, wéi geet et iech?"
„Ech danke, Komper Fuuss, et geet mer gutt an iech?
Meng Kanner sinn och wuel, deem Jéngsten eppes feelt,
En huet de Schnapp erwëscht, d'lescht an der grousser Keelt."

„Jëss, Kueb, wéi fäi gefiizt, vum Kapp bis op de Stäiss,
Dir loost gewëss är Kleeder komme vu Paräis?"
„Jo!" seet den domme Still, deen d'Spottried nët versteet.
An hie gëtt him d'Adress vum Schneider, deen hien kleet.

„A wann äre Gesang wéi äare Frack gefällt,
da stiecht dir of mat Glanz all Sänger vun der Welt.
Jee, sangt mer eppes Klengs, e Spaass, et brauch net vill,
Dir hutt vum Papp fir d'Musék grousst Gefill"

© Michel Lentz

Den Ament schéit de Kueb, deen nët vum Fléiwen ass,
de Gigot wéi en Dapp aus alle Kräfte lass.
Ma well hien beim Gesang, de Schniewel op muss dunn,
du trëllt de Kéis erof dem Komper Fuss d'Dunn.

De Fuuss spréngt op de Kéis, en hat sech drop gefaasst.
E laacht seng Fäischte voll a seet: „ 't ass ausgespaasst!
Ech hat meng Freed mat iech, dir sidd e propp'ren Hecht,
dir sidd nët schéi gebotzt, dir sangt erbäermlech
schlecht."

Hei wéi de Kueb dat héiert, mécht e grousseg A'n.
„Sech klappen! Da'ss verbuedden", seet en, „wat hei ma'n?
Ech si bestuel, bedrunn, all Ongléck op mäi Kapp,
Den Dech vun de Kueben ass passéiert fir eng Schlapp."

Nu lauschtert nach d'Moral vun där Geschichtchen hei,
Dir Kuebe, grouss a kleng, gitt uecht, si ass nët nei:
„E Gourmang huet gesot, datt mer nët schwätze soll,
Wa mer de Kéis gär ësst a mer de Mond huet voll"

25

Déck Dännen

De schéine Poli an de Claus

Scho vu ganz klengem un
huet et mech ëmmer dohi gezunn.
D'Natur wierkt bei mir Wonner,
't schléit an ewéi Blëtz an Donner.
't ass net dee wëlle Bësch,
't sinn net déi schéi laang Beem.
't gëtt nëmmen eppes fir mech,
an dat huelen ech gär mat heem.

Ech ka mech net trennen vun dengen décken Dännen
Well ech esou bennzeg ginn, wann ech déck Dänne gesinn.
Ech kéint mech dach rennen fir e puer décker Dännen
Well déi sou schéin Zapen hunn, an do géing ech gär drun.

Wann de Wannt ganz staark bléist,
ass dat fir mech dat Allergréisst.
Wa si esou schéi schwenken,
da muss ech ëmmer drun denken.
Wann ech e Villche wier,
géif ech dra schaukelen hin an hir.
A wann ech en Holzwiermche wär,
hätt ech se zum Friesse gär.

© Text: Marc Faber
Musek: René Pütz

Ech ka mech net trennen vun dengen décken Dännen
Well ech esou bennzeg ginn, wann ech déck Dänne gesinn.
Ech kéint mech dach rennen fir e puer décker Dännen
Well déi sou schéin Zapen hunn, an do géing ech gär drun.

De Schnéi den huet se zou gedeckt,
an d'Sonn huet se dunn nees ofgeleckt.
Esou wéilt ech s'och verwinnen,
all meng Léift schenken ech hinnen.
Sou vill Gefill sech bei mir mellt,
't gëtt dach näischt Schéineres op der Welt.
Wat sou Luuchten dach alles hunn,
a Chrëschtdag sinn déck Luuchten drun.

Ech ka mech net trennen vun dengen décken Dännen
Well ech esou bennzeg ginn, wann ech déck Dänne gesinn.
Ech kéint mech dach rennen fir e puer décker Dännen
Well déi sou schéin Zapen hunn, an do géing ech gär drun.

26

Drénkt Miseler Wéngchen

De schéine Poli an de Claus

De Wäin ass jo dat bescht Gedrénks,
wat mir am Land hei hunn,
an dofir strécke mir ons och,
alt heiansdo eng un.
Fir Duuscht ze leide bei deem Dronk,
dat wier dach wierklech schued,
dofir drénkt gläich äert Glieschen aus
a sangt dann alleguer:

Refrain:
Drénkt Miseler Wéngchen, dee richtegen Drauwentéi.
Dee schmaacht iech owes an och nach moies fréi.
Dir gitt erëm lëschteg an dir wäert et gläich gesinn,
de Miseler Wéngchen ass besser wéi all Medezin!

Wann dir am Liewe Suergen hutt,
da maacht iech näischt doraus,
huelt iech eng Fläsch mat Muselwäin
an drénkt déi roueg aus.
Nom zweete Patt wäert dir gesinn,
sinn d'Suergen all verflunn,
dir gitt nees lëschteg an och frou
a fänkt ze sangen un:

Refrain:
Drénkt Miseler Wéngchen, dee richtegen Drauwentéi.
Dee schmaacht iech owes an och nach moies fréi.
Dir gitt erëm lëschteg an dir wäert et gläich gesinn,
de Miseler Wéngchen ass besser wéi all Medezin!

© Greg Denis & Mich Gros



27

Ech sinn de schéine Poli

De schéine Poli an de Claus

Pardon, wann ech villäicht hei stéieren,
Pardon, ech wollt sou frech net sënn.
Ech duecht iech nuren z'informéieren,
Meng Mamma, déi kéim och geschwënn.
Si ass fir mech nach schnell regléi'ren
Eng kleng Affaire, bis bei e Frënd.
Erlaabt, datt ech mech presentéi'ren
Sou entretemps, bis d'Mamma kënnt:

Ech sinn dee schéine Poli,
der Mamma hire Jong.
Ech maache keng Spiicht, keng Foli,
si net sou domm am Fong.
Datt mech meng Mamma gieren,
ka mir kee Mënsch verwieren.
Mee 't nennt mech duerfir munnech béis Zong:
"De Poli
- der Mamma hire Jong."

Déi Damme wäerten acceptéieren
Vu mir e klenge Schockela
Ech kann en nur recommandéieren,
En ass sou séiss, sou delikat.
Jid Owend, ir ech endorméieren
Kënnt lues meng Mamma nach eran,
Eng Schock'lasknippche mir z'offréieren,
A kuckt mech un mat léiwen Aen.

© Text: Putty Stein
Musek: Henri Dickson

Ech sinn dee schéine Poli,
der Mamma hire Jong.
Ech maache keng Spiicht, keng Foli,
si net sou domm am Fong.
Datt mech meng Mamma gieren,
ka mir kee Mënsch verwieren.
Mee 't nennt mech duerfir munnech béis Zong:
"De Poli
- der Mamma hire Jong."

Ech fänken u mech z'inquiétéieren,
Meng Mamma bleift sou laang ewech.
Si sollt meng Box nach uprobéieren
Duerno kéim si da gläich bei mech.
Si wärt sech dach net iwwermidden,
't Umiëssen ass eng schrecklech Plo.
Ech muss dat coûte que coûte verhidden,
Pardon, pardon, ech ginn elo.

Ech sinn dee schéine Poli,
der Mamma hire Jong.
Ech maache keng Spiicht, keng Foli,
si net sou domm am Fong.
Datt mech meng Mamma gieren,
ka mir kee Mënsch verwieren.
Mee 't nennt mech duerfir munnech béis Zong:
"De Poli
- der Mamma hire Jong."

28

Fussballlidd

De schéine Poli an de Claus

Kommt emol an d'Land eraus, da kënnt der do gesinn
Wa Sonndes mëttes d'Fussballisten op den Terrain ginn.
Kuckt emol déi flott Kadetten, eelef beieneen
Da rufft der all aus engem Mond: „Nee, nee, déi do wichst keen!"

Wa mir Fussball spillen, hält keen eis de Bass.
Déi éischt zéng Minutten, do gi mir drun, do mir lass.
Kee Mënsch kann ons halen, wann eis Goler falen.
An all Dreck an duerch all Pull, hu mir an zéng Minutten eelef null.

D'lescht do hat um Mätch geheit mat Steng e freche Bouf.
Esou gediicht dat et op d'Stir den Här Arbiter gouf.
Dunn hunn ech hien gutt gefeet, op eemol rifft seng Stëmm
t' ass Halbzeit Papp, en huet gepafft, elo wiessele mer mol ëm

Wa mir Fussball spillen, hält keen eis de Bass.
Déi éischt zéng Minutten, do gi mir drun, do mir lass.
Kee Mënsch kann ons halen, wann eis Goler falen.
An all Dreck an duerch all Pull, hu mir an zéng Minutten eelef null.

© Lidd: P. Weitz
Arrangement: Jean-Paul Majerus



29

Gekachte Kéis

De schéine Poli an de Claus

De Yankee ësst mat Genoss Filet Tatare
De Russki schwiert op de schwaarze Kaviar.
Beim belsche Noper gëtt et Pommes de terre frites.
Déi dir fir fënnef Frang op allen Ecken kritt.

Zu Marseille schluppt een d'Bouillabaisse.
Den Homard mat der Mayonnaise
Zu Tréier gëtt et "im Gelee"
Schweinerippchen fir déi preisesch Mee.

Ma d'Lëtzebuerger Stéit,
hunn eng Spezialitéit:
Et ass kee Fleesch, 't ass kee Geméiss, et ass de Kéiss.

Refrain:
Ei ei ei ei, mir hu gekachte Kéis.
't ass ee Genoss, dat schmantegt gielt Gefréiss.
Kéis op enger laanger laanger Kuuscht.
An en Humpen fir den Duuscht.
Mat Botter drënner, drop e Moschterflapp.
Ei ei ei ei, wéi schmaacht et dann dem Papp.
Mä gitt uecht, de Kéiss ass nëmmen echt,
Wann e pecht, wann e pecht, wann e pecht.

© Text: Pir Kremer
Musek: Camille Robert

Fir sou e gudden gekachte Kéis ze kachen.
Do gitt beileiwen net an eng Molkerei.
Eng Bauerefra mat en etlech décke Brachen
Bréngt iech déi Saach vill méi schneekeg an eng Rei.

Geféngt, gepresst a gudd getriwwelt.
Gerappt, gefault, am Bett zermautscht.
Et ass kee Mënsch deen dat veriwwelt.
Duerno getriwwelt an zerknautscht.

Jo d'Letzebuerger Stéit,
hunn eng Spezialitéit:
Et ass kee Fleesch, 't ass kee Geméiss, et ass de Kéiss.

<u>Refrain:</u>
Ei ei ei ei, mir hu gekachte Kéis.
't ass ee Genoss, dat schmantegt gielt Gefréiss.
Kéis op enger laanger laanger Kuuscht.
An en Humpen fir den Duuscht.
Mat Botter drënner, drop e Moschterflapp.
Ei ei ei ei, wéi schmaacht et dann dem Papp.
Mä gitt uecht, de Kéiss ass nëmmen echt,
Wann e pecht, wann e pecht, wann e pecht.

30

Hechtercher aus der Stad

De schéine Poli an de Claus

Huet d'Auer owes sechs geschlo'n
Da gëtt et am Buttek Freed
Gläich gëtt den Hittchen opgedo'n
A fort op Heem et geet.
Nach eemol d'Groussgaass op an of Dat duerf kee
Mënsch hinne verwieren
Well do ginn all déi op an of Déi d'Meedercher hunn esou gieren.

Refrain:
D'Hechtercher aus der Stad
Tipptopp eraus gemat
Hunn si d'Schoulbicher nach ënner dem Aarm
Dann ginn si ronderëm d'Hierzer scho waarm
Vill schéi Versprieche ma'n
A blënzelen matt den Aen
Sou huet di Zort et nach ëmmer gemat
D'Hechtercher aus der Stad.

So Marie, kuck emol de Pir,
wat ass hie flott gekleet
't soll een net so'n, datt hien et wier,
wann hien esou do geet

© Vincent Scotto, Fernand Koenig, Jean-Pierre Kemmer& Louis Petit

En Houfert huet en wéi e Fräsch E Marsch wéi e preisesche Prënz
Ma sécher huet hien an der Täsch, Mol net fir e Stéckelche Mënz.

Refrain

An do de Jang, deen huet et flott,
op senger neier Plaz
E kritt bäi engem Affekot,
en hallwe Sou vum Saz
D'läscht wollt hie jo, denk dir mol un Sech mat menger Sëschter bestueden
Mäi Papp dee sot, du Bouf gees d'un Soss kriss du de Pupes gefrueden.

Refrain

Duerfir dir Fraleit loosst iech so'n
Winnt iech léiwer of
An d'Groussgaass owes nach ze go'n
Eng Kéier op an of
Well wat dir do nach kënnt gesinn Studenten an Schreiwer als Lompen
Déi an der Täsch kee Sou méi hunn Soss séizen se sécher beim Humpen.

Refrain

31

Hei kann ech nët bleiwen

De schéine Poli an de Claus

Et stoung mol e Beemchen ze wäit an der Strooss ,
Deen huet mech mam Weenchen net laanscht sech gelooss.
Si koumen du richen op d'Mooss ech och hat.
Ech hat net ze wéineg a gouf agesat.
Nu sëtzen ech Méint schonns a batterer Nout,
Ech kräischen a jéimere bei Waasser a Brout.

Refrain:
Hei kann ech net bleiwen, hei ass et net schéin
Kee Wäin a kee Béier, keng Drëppche kee Léin.
Hei kann ech net bleiwen, keen Telé kee Sport,
Oh loosst mech dach heem go'n, soss lafen ech fort .

Ech wollt mech drop bess'ren, sot Äddi der Welt
Ech hu mech am Klouschter als Brudder gemellt.
Ech souz op de Knéien an hu nogeduecht
Hu Waasser an Äschen op d'Kopp mir geluecht.
Vum ville Brevéiren eleng an der Zell
Gouf ech esou drëschen, ech spuert a mir d'Häll.

© Text: Nic Hoffmann & Nicolas Hoffmann
Musek: Mathieu Lamberty

Refrain:
Hei kann ech net bleiwen, hei ass et net schéin
Kee Wäin a kee Béier, keng Drëppche kee Léin.
Hei kann ech net bleiwen, keen Telé kee Sport,
Oh loosst mech dach heem go'n, soss lafen ech fort .

A wéi et nees bums goung, do war et geschitt
Du huet meng aarm Séilchen gläich Flilleke kritt.
Ech sichen am Himmel wéi benzeg nom Bar
Et war keen ze fannen, war alles sou rar.
Ech krut näischt ze drénken mat all mengem Goss
O bréngt mer e Pättchen soss gëtt et Verdross.

Refrain:
Hei kann ech net bleiwen, hei ass et net schéin
Kee Wäin a kee Béier, keng Drëppche kee Léin.
Hei kann ech net bleiwen, keen Telé kee Sport,
Oh loosst mech dach heem go'n, soss lafen ech fort .

32

Héich de Bockel voll Gepäck

De schéine Poli an de Claus

Héich de Bockel voll Gepäck, mat Kachdëppen a Stréisäck.
Zéie mir géint d'Sonn, déi schéi Mueressonn.
Mir si fräi vu Suerg a Leed, a mir sange voller Freed.
Fir de Scout schléit keng béis Stonn.

Refrain:
E fräit Liewen ass onst Striewen.
De Kapp héich am Wand, zéie mir duerch d'Land.
Bëscher wénken, Fielse klénken,
Well de Scout dat ass hiert Kand.

Esou bal et Mëtteg laut, gëtt e Feierlach gebaut
Well en eid'le Mo, ass eng uereg Plo.
An a voller Eenegkeet, ginn dann d'Plättele gefeet,
well do si mer all déck do.

Refrain:
E fräit Liewen ass onst Striewen.
De Kapp héich am Wand, zéie mir duerch d'Land.
Bëscher wénken, Fielse klénken,
Well de Scout dat ass hiert Kand.

© Text: Tit Weinacht
Musek: Peter Faber

Refrain:
E fräit Liewen ass onst Striewen.
De Kapp héich am Wand, zéie mir duerch d'Land.
Bëscher wénken, Fielse klénken,
Well de Scout dat ass hiert Kand.

't si vill Länner op der Welt, mä 't ass keent, dat mir gefällt
wéi mäi Lëtzebuerg, mäi schéint Lëtzebuerg
't ass sou klinzeg, klinzeg kleng an de Gënz bléit op den
Häng iwwerall zu Lëtzebuerg.

Refrain:
E fräit Liewen ass onst Striewen.
De Kapp héich am Wand, zéie mir duerch d'Land.
Bëscher wénken, Fielse klénken,
Well de Scout dat ass hiert Kand.



33

Hutschel mat der Butschel

De schéine Poli an de Claus

Et woar emol en aalen toopige Maan,
Dän hott sich jo geholl en jonk a lestich Fraa.
Di Frâ, di wollt op d'Kiermes danze goon,
Daat konnt dän aale Schoofskoap jo net vastoon.

"Sô Frâ, wells däou op d'Kiermes danze goon,
Da looss däou mir di Hutschel, di Butschel hei stoon."
Du gäht di Frâ zur hennischer Dîr eräous,
A fénkt däm aale Schoofskoap en Flantermäous.

Tse däht se an en Kaffissduss matt Watt,
An drékt däm aale Schoofskoap se flang an de Grapp
"Hei hoas däou se, a pass mer goud drop op,
Soss räissen aich dir d'Häouer äous der plaak'jer Kopp!"

A wii di Frâ voan der Kiermes kumm gegaang,
Du hott dän aale Schoofskoap ze pinschen oagefaang,
"O Frâ, äich hoan en Koaerbel voll Vàdross,
'ch hoan d'Hutschel mat der Butschel zu Fenster
räousgeloss!"

© Traditionell iwwerliwwert Lidd
Auteur net eendeiteg ermëttelt

Du héeft di Frâ hiert Emgeréits erop,
A stisst dän aale Schoofskoap mat der Kopp flatschdich drop:
"Gesäis däou näoun, däou aalen toopige Maan,
datt t'Hutschel mat der Butschel jo goar net fléie kann!"

A weem dat Léid net passt, dee späitzt et eraous
A schärt sech bai der Deiwel a bai d'Flantermaous:
Deem a geet dëst, deem aneren nees dat.
Di an di gi bai d'Meedercher, di aner hon es sat



34

Kättche Kättche

De schéine Poli an de Claus

Et wuessen an de friemen Länner vill schwéier Wäiner rout a wäiss.
Si si gesicht vun villen Kenner vum Rhäin bis déi Säit vu Paräis.
Ech halen mech un d'Miselerblimchen dat ass de Wéngchen fir onst Land.
E geet dem Jonktem wéi dem Éimchen wa si en drénke mat Verstand.

Refrain:
Kättche, Kättche bréng mer nach ee Pättchen
Vun der Musel a soss keen.
Ei, wéi schmaacht mir dee Kadettchen
't ass een Dronk fir Broscht a Been.

Wou kënnt Dir nach ee Wéngche fannen esou gemittlech an esou frësch.
't gëtt een sou liicht dervun heibannen dir gitt gesond ewéi ee Fësch.
Vill Wäiner maachen d'Leit wéi Rosen d'Gesiichter glousen wéi eng Schmelz.
Mä dat muss een den Miseler loossen hie suergt dass du de Kapp behäls.

© Text: Willy Goergen
Musek: Jean Eiffes

Refrain:
Kättche, Kättche bréng mer nach ee Pättchen
Vun der Musel a soss keen.
Ei, wéi schmaacht mir dee Kadettchen
‘t ass een Dronk fir Broscht a Been.

Ob dir bedréift sidd oder lëschteg en deet seng Pflicht zu jidder Stonn
En ass vun heem aus fromm a chrëschtlech hie krut de Seegen vun der Sonn
Bleift him ewech mam Zockerwaasser hie brauch net méi gedeeft ze ginn
Hie séngt mam Lentz net fir ze spaassen mir wëllen bleiwe wat mer sinn.

Refrain:
Kättche, Kättche bréng mer nach ee Pättchen
Vun der Musel a soss keen.
Ei, wéi schmaacht mir dee Kadettchen
‘t ass een Dronk fir Broscht a Been.

35

Kiermes am Duerf

De schéine Poli an de Claus

De Bert danzt mam Bärbel an d'Frasel mam Franz
Mazurka, a Polka a Konterdanz.

Refrain:
't ass Kiermes am Duerf, an de Spillmann ass do
Déi Jonk, déi danzen, déi Al kucken no.

Knapps datt se eng Walz hannerun sech hunn
Da fänken se schonns mat dem Minnewee un.

Refrain:
't ass Kiermes am Duerf, an de Spillmann ass do
Déi Jonk, déi danzen, déi Al kucken no.

D'Mareikätt gloust a pëspert mam Klees.
An de Jenni gëtt heemlech dem Janni eng Bees.

Refrain:
't ass Kiermes am Duerf, an de Spillmann ass do
Déi Jonk, déi danzen, déi Al kucken no.

Den Tun seet zu Tréischen: „Ech hunn dech esou gär."
An d'Tréischen zum Tun: „Mir gi muer bei den Här

© Text: Marcel Reuland
Musek: Léon Schaeler

36

Klappen un der Bistrosdir

De schéine Poli an de Claus

't ganz Woch geschafft, lo endlech fräi,
de WE fänkt un em halwer dräi
De Wiert huet nach zou, e botzt d'Geschir,
Mir klappen trotzdem mol un der Dir

Refrain:
Mir klapp', klapp', klappen un der Bistrosdir.

Nom drëtten Humpen den éischte Sträit,
an nom 6te gi mir erausgehäit
sief dach net sou, mir sinn dach Frënn,
Do blärt de Wiert: „Kommt ni méi erëm!"

Refrain:
Mir klapp', klapp', klappen un der Bistrosdir.

Mir zéie weider bis nuets ëm 3,
´t Panz gutt voll, bis hanne bäi
bei Neonsluucht schécken s'ons heem,
Mee em den Eck gëtt bestëmmt nach een

Refrain:
Mir klapp', klapp', klappen un der Bistrosdir.

© Auteur net eendeiteg ermëttelt

37

Klengen Himpchen

De schéine Poli an de Claus

Klengen Himpchen
Dobaussen op de Felder steet de Weess
a Reen a Wand an d'Sonn gëtt him eng Bees
aus enger Quell spruddelt d'Waasser frësch a klo'r
sou braut d'Natur schonn honnertdausend Jo'r
mat Léift Gedold, an aller Éier
dat gëtt fir dech a mech dee beschte Béier.

Refrain:
Oh du mäi léiwe, klengen Himpchen,
frësch wéi déi schéinste Blimmchen
déng Päer'le fonk'len ass eng eenzeg Freed
Eng Kroun schnéiwäiss aus purem Happ a Malz
Klengen Himpchen, komm elo bei mech a mäin Hals.

E lëschtege Gesell, a sprëtzeg kill
genéisst vun him mat Freed, ma ni ze vill
Eng elle Séil, waarm am Häerz, verdreemt a frou
Oh du mäin Himpchen, ech drénken dir lo zou
Komm feiert mat. Et mécht Pleséier
Fir mech an och fir dech mam gudde Béier.

Refrain:
Oh du mäi léiwe, klengen Himpchen,
frësch wéi déi schéinste Blimmchen
déng Päer'le fonk'len ass eng eenzeg Freed
Eng Kroun schnéiwäiss aus purem Happ a Malz
Klengen Himpchen, komm elo bei mech a mäin Hals.



38

Lëtzebuerger Spezialitéiten

De schéine Poli an de Claus

Donnerknippchen, ech kommen 'lo grad vun enger prachtvoller Friess
Eng ganzeg Rëtsch vu Saachen, sou an engem Siess
Ech hu gejickt, ech hu gebafft, ech hu gefrupst mat Genoss
Ech hu keen eenzeg vun den Platen erlaanscht gelooss,
Wourëms et sech gedréint,
d'Lëtzebuerger Spezialitéit.

Refrain:
Maja, 't gouf Baurenträipen,
't gouf Liewerkniddelen, Kuddelfleck an och Gehäcks
Duerno, fir de Mo ze stäipen,
en Huesenziwwi, Fierkelsjelli gouf et ze fräcks
Duerno gouf et Gaardebounen,
Judd, Quetschentaart, gekachte Kéis an Bouneschlupp
Souguer, 't goufe Melounen,
echt Kaffisbounen, an en Zoossisswupp.

Fréier bei de Ritter op all Buerg an op jidder Schlass
Do goufen et schéi Fester, 't war nach eppes lass.
27 Plae vun dem beschte Fleesch, Poulet, Fësch
Fir d'Ritter an hir Fraen stoungen do um Dësch.
An hat'n se d'Bäich puppsat,
da gouf och nees wupp derbäi gemat.

© Text: Pir Kremer
Musek: Jean-Pierre Kemmer

Refrain:
Maja, 't gouf Baurenträipen,
't gouf Liewerkniddelen, Kuddelfleck an och Gehäcks
Duerno, fir de Mo ze stäipen,
en Huesenziwwi, Fierkelsjelli gouf et ze fräcks
Duerno gouf et Gaardebounen,
Judd, Quetschentaart, gekachte Kéis an Bouneschlupp
Souguer, 't goufe Melounen,
echt Kaffisbounen, an en Zoossisswupp.

Hautdesdaags sinn d'Leit erëm vun all deem ville Gefréiss
Keng Gromperen a keng Zoossen, nuren Uebst, Geméis.
De Blinddarm an de de Bluttdrock hautdesdaags si blouss am Moud.
Den Dokter seet iech dann eenzock, du bass ze so'n bal dout.
Do gëtt et blouss ee Reméid:
d'Lëtzebuerger Spezialitéit.

Refrain:
Maja, 't gouf Baurenträipen,
't gouf Liewerkniddelen, Kuddelfleck an och Gehäcks
Duerno, fir de Mo ze stäipen,
en Huesenziwwi, Fierkelsjelli gouf et ze fräcks
Duerno gouf et Gaardebounen,
Judd, Quetschentaart, gekachte Kéis an Bouneschlupp
Souguer, 't goufe Melounen,
echt Kaffisbounen, an en Zoossisswupp.

39

Muselliddchen

De schéine Poli an de Claus

Hutt dir mol d'Flemm an Dir gitt hier net lass, da loosst de Kapp dach net hänken.
Hutt Dir och Misär wéinst Nopeschbeschass, an net méi wësst wat ufänken.
Da fuert op d'Musel a stréckt Iech eng un. Drénkt esou laang et Iech schmaacht,
Well da sinn d'Suerge grad wéi 'wech geflunn, sangt dass et nëmme sou kraacht.

Refrain:
Loosst mär nach e Pättchen drénken op der schéiner Musel
Kuckt wéi d'An sou feiereg blénken, wa mir sinn am Dusel
Bréngt eis léiwer gläich eng Fläsch, vun deem allerbeschten.
Wat maache mir mat deem Geld an der Täsch, haut gi mir alles zum Beschten.

Hutt Dir dann d'Riicht schonns eng Grëtzche verluer an Dir fänkt haart un ze tozen
Maacht Iech näischt draus a fuert weider nach duer besser dat wéi domm ze motzen
Haut gëtt gedronk bis keng Drëps méi am Faass bis alles richteg am Schweess
Vive eise Greechen an hieft all Äert Glas a sangt dëst Liddchen alt nees.

Refrain:
Loosst mär nach e Pättchen drénken op der schéiner Musel
Kuckt wéi d'An sou feiereg blénken, wa mir sinn am Dusel
Bréngt eis léiwer gläich eng Fläsch, vun deem allerbeschten.
Wat maache mir mat deem Geld an der Täsch, haut gi mir alles zum Beschten.

© Paul Sontag



40

Nationalmarsch

De schéine Poli an de Claus

Huewermiel gëtt Huewerpaangech,
vun dem Glacis bis op d'Gare.
Wann't dech bäisst, mäi Jong, da kraz dech,
no der Nuecht, do kënnt den Dag.

Du meng Heemecht, Lëtzebuerg,
staark am Soff, mee soss net uerg,
Huewermiel gëtt Huewerpangkuch
a wann et päift, da fiert den Zuch.

Wann s d'een hues op denger Pännchen,
blos dem Noper d'Lampen aus.
Haalt all fest un onsem Ländchen,
streck den Aasch zur Liicht eraus.

Wat ech hunn, dat wëll ech deelen,
mat dem ganze, ganze Land,
Well du fënns der nure nach seelen,
déi de rouden Heenz net kannt.

© Text: Poutty Stein
Musek: Stenka Razin (traditionell)

Du do uewen, o du Beschten,
gëff de Kenki mir an d'Hand,
Looss onst Land sech glécklech mäschten,
bis de Pëtrol ass verbrannt.

An hänkt schwaarz um Himmel d'Wollek,
Zalidot, dann huel deng Flënt,
Sang dem gudde brave Vollek,
d'Heemecht, bis et zou sech kënnt.



Erausgi vum
Comité de pilotage Pakt vum Zesummeliewen
Syndicat Intercommunal
« Kanton Réiden »

An Zesummenaarbecht mat der
Gemeng Useldeng

Drock
Exepro Print & Packaging

Kontakt
vivre-ensemble@kanton-reiden.lu

Publikatiounsdatum
September 2026

KANTON RÉIDEN
VIVRE ENSEMBLE

Zesummeliewen
GEMENGEPAKT

GEMENG USELDENG